SAVE THE DATE




## Thema 2022 : d'Schoul vu muer

D'Schoulzäit ass eng immens wichteg Zäit fir de Kanner a Jonken hir Entwécklung, Perséinlechkeet an Zukunft. Dofir ass et wichteg, datt si hir Wënsch, Virstellungen a Fuerderungen zur Gestaltung vun der Schoul vu muer kënne konstruktiv a kreativ zum Ausdrock bréngen.

## De Concours riicht sech un

Ganz Klassen, Gruppe vun 2-5 Schüler oder eenzel Schüler aus:

- dem Fondamental: Cyclen 3 a 4 *
- dem Secondaire: $7^{e}$ a $6^{e}$ *
- der Maison Relais: nëmme Kanner, déi an de Cyclen 3 a 4 sinn

*esou wéi aus equivalente Klassen aus de Centres de compétences, den ëffentlechen a privaten nationalen an internationale Schoulen zu Lëtzebuerg, den Europaschoulen an dem Schengen-Lyzeum.

## Kalenner

- Enn September: weider Detailer zum Concours
- Bis den 20. November: Wierker erashécken mat der Post oder online eroplueden
- Virun der Chrëschtvakanz: d'Gewënner ginn annoncéiert
- Enn Januar 2023: Präisiwwerreechung

## Präisser

Et gi vill flott Präisser ze gewannen, wéi zum Beispill Bicher, Kinosticketen, Spiller oder eng Entrevue mat enger Perséinlechkeet. Jiddereen dee matgemaach huet kritt en Iddiekatalog mat de Wierker.

## Kontakt

Michèle Schmit | mschmit@unicef.lu | (+352) 44 87 15 - 34

Ënnert dem Patronage vum

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

unicef
fir all Kand